PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau, Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Op der Streck vu Rodange op Déifferdeng iwwert den CR176 (d'Awunner kennen d'Streck ënnert dem Numm "Maus") gesäit een a leschter Zäit vill Offall laanscht d'Strooss. Den Informatiounen aus de Gemengeverwaltunge vu Péiteng an Déifferdeng no ass ze héieren, dass d'Gemenge fir d'Botzen net zoustänneg sinn, well den CR176 eng Staatsstrooss ass an deemno ënnert den Zoustännegkeetsberäich vum Staat, also Ponts&Chaussées, fält.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. U wie kënne Bierger:innen sech wenden, wann si Dreck op enger Staatsstrooss gesinn?

2. Wéini wäert eng Botzaktioun op där Streck gemaach ginn?

3. Wéi reegelméisseg gëtt dës Streck gebotzt?

4. An eisen Nopeschlänner, zum Beispill der Belsch, lafe Sensibiliséierungskampagnen, fir d'Verschmotzung vun eiser Ëmwelt ze verhënneren. Zum Beispill ginn Informatiounsschëlder laanscht verschidde Strecken gestallt.
   Ass zu Lëtzebuerg an noer Zukunft eng weider Kampagne virgesinn, zum Beispill, andeems ee Schëlder op verschiddene Plazen opstellt, wou ee potenziell Täter nach eng Kéier forméiert, wat fir eng Strofen fir Ewechgeheien vun Dreck an d'Natur stinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten